piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

Den Ausseminister huet op d'Fro n°4019 bestätegt, dass ee Lëtzebuerger Staatsbierger souwéi Lëtzebuerger Residenten, déi op der Missioun *Global Sumud Flotilla* deelgeholl hunn, op internationale Gewässer vun der israeelescher Arméi matgeholl goufen. No der Interventioun duerch déi israeelesch Autoritéiten huet och Lëtzebuerg konsularesch an diplomatesch Moossname fir déi betraffe Bierger:innen an d'Weeër geleet, wat natierlech Ressourcë kascht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Lëtzebuerger Staat am Kader vun dësem Dossier Käschte fir Fluchbilljeeën, Rapatriementer oder aner Käschten am Zesummenhang mat dësem Dossier iwwerholl?
2. Falls jo,
   - wat huet dëst de Staat bis elo kascht?
   - ginn dës Käschten integral vum Staat bezuelt oder gëtt eng Participatioun oder ee Remboursement vun de betraffene Persoune gefrot?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés